He'sch d'et päifen, wäit vu fären[9]?
An de Buodem, wi e schuddert!
Récken d'Fielzen ous de Lären?
Stolz kömmt d'Feierpärd geduddert.

Öm seng Fe'ß, kuck wi et fonkelt!
Seng Geschwennhet mecht een dronken.
Wann säin Otem d'Sonn verdonkelt,
aß säi We vu gliddeg Kwonken.

'T kömmt dohir aß wi der Donner.
'T rennt eweg aß wi gebletzt,
't höllt mat fort, wi durch e Wonner,
wien op sengem Suedel setzt.

Fro: Wo'hir? Vun allen Ennen!
Fro: Wo'hin? Wo' Mensche sin!
Wells d'em Russland, Spuenje nennen:
'T dre't dech an em Dag dohin.

Färt net me' de gro'ßen Honger,
drät e Fehljahr dir mat No't!
Well de Yankee oder Onger
scheckt dir gär an hurteg Bro't.

IV.

De Bauer um Do'dsbett a seng Kanner. De Wert a Segen vun der Arbecht. Dem Bauer seng Arbechten virum Ple'en a beim Ple'en.

'T ko'm e Bauer ees zum Stirwen,
den zu senge Kanner sot:
We'neg werd dir vu mir irwen,
hun ech mech och vill geplot.

Kleng aß d'Zuohl vun eise Stecker,
awer eent aß dach ze luowen,
well an engem vun de Recker
läit e Kwascht vu Gold begruowen.